



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 19 décembre 2019



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n°1545 du 28 novembre 2019 de l'honorable Député Jeff Engelen concernant les terrains constructibles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Laurent Knauf
Premier conseiller de Gouvernement

Gemeinsam Äntwert vun der Madame Inneministesch a vum Här Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n°1545 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen zum Sujet "Terrains constructibles"

Den honorabelen Deputéierte freet no Informatiounen iwwer Besëtz vu Bauland.

Zur Zäit gëtt et nach keng fiabel Statistik iwwert déi als Bauland klasséiert Flächen, déi am Besëtz vum Staat oder de Gemenge sinn. Dëst huet an éischter Linn domat ze dinn dass d'Majoritéit vun de Gemengen hir Refonte vum PAG nach net ofgeschloss hunn an de Staat doduerch nach net iwwert déi noutwenneg digital Donnéeë verfügt fir eng automatiséiert an och präzise Analyse vun der Situatioun kënnen ze maachen.

An Tëschenzäit gouf en Aarbechtsgrupp domat chargéiert, eng Methode ze entwéckelen, fir d'Donnéeë vum numeresche Kadaster (plan cadastral numérisé) mat deene vun de PAGen vun der neier Generatioun op eng effizient Aart a Weis ze fusionéieren. Dëst soll erlaben, nom Ofschluss vun den Adoptiounsprozeduren vun de PAGen, fir all déi Terrainen, déi der öffentlecher Hand gehéieren an innerhalb vum Bauperimeter leien, net nëmmen d'Fläch, mee och dat aktuell Baupotential ze ermëttelen.